N° 73 | SEPTEMBER 2026

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum

**Fëschber Gemengeblat**
Spezialeditioun September 2026

**Redaktioun**
Luss Brosius
Joana Ferreira
Paul Zenners

**Kollaboratioun**
Paul Provost
Maison du Grand-Duc
Manolis Manarakis
Famill Stein

**Layout**
Otherwise.lu

**Cover**
Paul Provost

**Éditeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'Église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Printing Ossa
Parc d'activités Syrdall
46, rue Gabriel Lippmann
L-6947 Niederanven
www.ossa.lu

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Editioun matgeschafft huet.***

FSC
MIXTE
Papier | Pour une gestion forestière responsable
FSC® C179465

PRINTED IN LUXEMBOURG

myclimate
Notre impact. Durable
Imprimerie
myclimate.org/01-24-328655

INHALT

| | |
|---|---|
| Virwuert | 3 |
| Zeremonie am Duerf | 4 |
| D'Monument | 13 |
| Cortège bei d'Schlass | 17 |
| Feierlechkeeten um Schlass | 22 |
| Cadeau fir d'Prënzen | 44 |

# Virwuert



Léif Awunnerinnen a Awunner
aus der Gemeng Fëschbech,

An Ären Hänn haalt Dir eng speziell Editioun vun eisem Gemengeblat. An enger Zäit, wou déi meescht Fotoen nëmmen nach digital gespäichert ginn an nëmme kuerz um Ecran ze gesi sinn, wollte mir Iech e klenge Souvenir vun der "Joyeuse Sortie" vun eiser groussherzoglecher Koppel zoukomme loossen – eppes, dat een och nach no Joren an d'Hand huele kann.

Dës Spezialeditioun léisst dee flotten Dag vum 21. Mee 2026 nach eng Kéier Revue passéieren. Dir fannt Fotoe vun de ville flotte Momenter, déi mir zesumme mat der Groussherzoglecher Famill an de ville Gäscht aus eiser Gemeng erliewe konnten.

Nieft enger Auswiel u Fotoe fannt Dir och Auszich aus menger Ried vum Festdag souwéi zwou Foto-reportagen iwwert d'Monument vum Manolis Manarakis an iwwert d'Trommele vun der Stone Drum Company.

Ech wënschen Iech alleguer vill Freed beim Duerchbliederen an hoffen, datt dëst Gemengeblat Iech nach laang un dëse besonneschen Dag erënnert.

*Luss Brosius*
*Buergermeeschter*




3

# Zeremonie am Duerf

## EXTRAIT AUS DEM BUERGERMEESCHTER SENGER RIED VUM 21. MEE 2026

Et ass mir eng grouss Freed, Iech alleguer, zu esouvill hei däerfen ze begréissen – ganz besonnesch eis Kanner a Jugendlech, déi dësem Moment eng besonnesch Liewegkeet ginn.

Ech si frou, dass Dir Iech Zäit geholl hutt, fir all zesummen eisen neie Staatschef, de Grand-Duc Guillaume a seng Famill ze feieren.

Et ass e besonneschen Dag fir eis all.
Et ass eis **"Joyeuse Sortie"**.
Mee firwat eigentlech "Joyeuse Sortie"?

E Begrëff deen - historesch gesinn – esou eigentlech net existéiert, ausser hei bei eis zu Fëschbech wou hien eng ganz eege Bedeitung kritt huet.

De Begrëff setzt sech aus zwee Elementer zesummen:

Der **"Joyeuse entrée"**, en Terme dee benotzt gouf, a nach ëmmer gëtt, wann de neie Grand-Duc, nom Trounwiessel duerch d'Land zitt fir mat de Biergerinnen a Bierger den Ufank vun enger neier Ära ze feieren.



An aus dem Wuert **"Sortie"**, well den neie Grand-Duc seng offiziell Residenz zu Colmer um Schlass huet, an dofir leider d'Fëschber Schlass verloosse muss, also eng Aart "Sortie" mécht.

Genee ewéi virun him de Grand-Duc Henri am Joer 2000.

Et ass also gläichzäiteg e Moment vun der **Freed** an e Moment vun engem **léiwen Awuer**.

Engersäits feiere mir mat grousser Begeeschterung eisen neie Grand-Duc Guillaume a seng Madame, d'Grande-Duchesse Stéphanie.

An anerersäits musse mer der léiwer Famill vum Fëschber Schlass, **eisen Noperen**, Äddi soen.

Dës enk Verbindung huet eng laang Geschicht hei zu Fëschbech.

Si huet ugefaange mam **Kinnek Guillaume II**, deen de 25. September 1847 d'Schlass mat de Schmelzen, der Millen an der Pabeierfabrick kaf huet.

**1891**, also viru ronn 135 Joer, ass Schlass an de Besëtz vun der groussherzoglecher Famill integréiert ginn.

Vun **1945** un huet **d'Grande-Duchesse Charlotte** d'Schlass zu hirer Haaptresidenz gemaach, well d'Schlass vu Bierg nom Zweete Weltkrich gréisser Renovatiounsaarbechte gebraucht huet.

Monseigneur, ech erënner mech haut nach ëmmer drun, wéi houfereg meng Groussmamm war, well si als Kand huet dierfe Blummen iwwerreechen, ewéi Är Urgroussmamm nom Krich op d'Fëschber Schlass koum. Déi Geschicht hunn ech oft doheem verzielt kritt.




*1946 : Portail décoré par les habitants de la commune de Fischbach afin de souhaiter la bienvenue à LL.AA. RR. les membres de la famille grand-ducale venus s'installer au château de Fischbach.
© Cour grand-ducale*



*1955 : Monsieur le bourgmestre de Fischbach – M. Nicolas Rauch – lit son allocution festive en l'honneur de l'anniversaire de S.A.R. la Grande-Duchesse de Luxembourg à LL.AA.RR. la Grande-Duchesse Charlotte et le Prince-Consort Félix.
© Pol Aschman/Photothèque municipale de la ville de Luxembourg*

**1987** koum den deemolege **Prënz Henri** a seng Famill op Fëschbech. Ech selwer, mat menge Frënn aus der Schoul, haten d'Éier um Schlass Är Elteren ze begréissen. Jidderee vun eis huet deemools eng Rous iwwerreecht.



*1987 : Famille grand-ducale héritière lors de leur première aubade populaire © Cour grand-ducale*

Am Joer **2000** ware vill Leit, déi och haut hei si bei der "Joyeuse Sortie" vum Grand-Duc Henri an der Grande-Duchesse Maria Teresa derbäi. Mir haten deemools e grousst Fest am Zelt op der Schlasswiss.





*2000 : LL.AA.RR. le Grand-Duc Henri et la Grande-Duchesse Maria Teresa lors de la "Joyeuse Sortie" © Norbert Hansen*

**2002** hunn de Grand-Duc Jean an d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte sech um Schlass néiergelooss, wat mer mat och gefeiert hunn.





*2002 : LL.AA.RR. le Grand-Duc Jean et la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte lors de la "Joyeuse Entrée" © Norbert Hansen*

An **2019** sidd Dir, Altesses Royales, op Fëschbech komm a mir wollten och e grousst Fest organiséieren. Wat awer leider sollt a Waasser falen. Mee dofir ass d'Freed haut duebel esou grouss.

**Monseigneur,**

Dir sidd awer och selwer scho vill méi laang mat däser Plaz verbonnen. Schonn an de 90er Joren hutt Dir hei zesumme mat Ären Eltere gelieft, a waart och spéider vill bei Ären Grousselteren op Besuch.

Fëschbech ass also net nëmmen eng Etapp an Ärem Liewen – et ass en Deel vun Ärer eegener Geschicht.



*1989 : Moment de détente pour LL.AA.RR. les Princes Guillaume et Félix de Luxembourg en compagnie de leurs grands-parents, LL.AA.RR. le Grand-Duc Jean et la Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte. © Cour grand-ducale*



*1999 : Portrait de S.A.R. le Grand-Duc héritier Henri en compagnie de ses fils, S.A.R. le Prince Sébastien (à gauche) et S.A.R. le Prince Guillaume qui s'apprête à fêter ses 18 ans. © Cour grand-ducale*

**Monseigneur, Madame,**

an ech si sécher, datt dës Plaz fir Iech nach eng méi déif Bedeitung kritt huet, well Dir hei d'Freed vum Familljeliewe mat Äre Kanner, de **Prënze Charel a François**, erlieft hutt.

Är gemeinsam Momenter an der Natur, am Krees vun der Famill, maachen aus däser Plaz e richtegt Doheem.

Ech wëll awer och **Är Häerzlechkeet** a Verbonnenheet, vis-à-vis vun den Duerfleit ervirhiewen, wann e Veräin oder d'Duerfkanner op d'Schlass sange komm sinn, fir d'Buergbrennen, d'Kiermes oder Liichtmëssdag.

Och Ären Interessi op **Gemengenniveau**, ech denken do besonnesch un **d'Bamplanzaktioun**, wou Dir mam Prënz Charel gehollef hutt am Bësch Bichen zu planzen, oder un d'Wëllkomm-Feier mat den Ukrainesche Flüchtlingen hei zu Fëschbech. Nëmmen zwee Beispiller vu villen.



*© Cour grand-ducale*

An dowéinst dierf ech haut mat Iwwerzeegung soen:

**Monseigneur, Madame,**

**Fëschbech bleift mat Iech verbonnen – an Dir bleift fir ëmmer en Deel vu Fëschbech.**

A fir dass mer dës Verbonnenheet zu Ärer Famill ëmmer virun Aen hunn, hu mer dës kleng Plaz, hei zu Fëschbech amenagéiert.

**Dës Plaz** befënnt sech an der "Rue Grande-Duchesse Charlotte", déi un Är Urgroussmamm erënnert, wou sech, net wäit vun hei, dohannen um Eck e **Rousegäertchen** zu Éiere vun Äre Grousselteren, dem Grand-Duc Jean an der Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte befënnt.

An e bëssche méi wäit steet **eng Eech**, déi zu Éiere vun Ären Elteren dem Grand-Duc Henri an der Grande-Duchesse Maria Teresa geplanzt gouf.

An dowéinst, soll dës Plaz haut offiziell zu Éiere vun Iech, Monseigneur a Madame opgemaach ginn.

Op dëser Plaz hu mer eng Bichenheck geplanzt, déi Är **Naturverbonnenheet** symboliséiere soll.

Hei steet och eng Bänk aus **"Holz vun hei"** aus eise Bëscher, mat Vue op Schlass.

Dës Bänk soll Är Verbonnenheet zu de Leit **vun hei** symboliséieren, an dozou alueden, sech emol néierzesetzen an eng Paus ze maachen.

Natierlech dierf eng Gedenkplaquette, déi un dësen Dag erënnert, net feelen.

Dës Plaquette ass op raschtegem Stol fixéiert, deen op d'Geschicht vun der Eisenindustrie hei zu Fëschbech soll verweisen an domat de Lien zum Fëschber Schlass.


Mir hunn eis am Schäfferot Gedanke gemaach wat nach op dëser Plaz géif feelen a mir si séier zur Konklusioun komm, dass am Mëttelpunkt, d'Konscht sollt stoen.

De Mënsch brauch Konscht – fir nozedenken, fir ze spieren, fir Verbindungen ze schafen.

An, **Altesses Royales**, mir wëssen dass Dir och groussen Interessi a Freed un der Konscht am Allgemengen a besonnesch hei zu Lëtzebuerg hutt.









7




500 m






















RESERVE
PMR































*© Extrait aus dem Grand-Duc Guillaume senger Ried: "Ech sinn e Fëschber Jong"*

# D'Monument

## EXTRAIT AUS DEM BUERGERMEESCHTER SENGER RIED VUM 21. MEE

**Altesses Royales,**
Léif Leit alleguer

Et gi vill Kënschtler am Lëtzebuerger Land, mee mir wollten ee **vun hei, aus eiser Gemeng**.

Also hu mer eis Gedanke gemaach an ënnert deene ville Konschtbegeeschterten a Kënschtler déi bei eis liewen, hu mir un de **Manolis Manarakis** vun Angelsbierg geduecht.

Erlaabt mer, Iech **de Kënschtler** an uschléissend d'Monument virzestellen.

Ech hunn de **Manolis** kennegeléiert, ewéi hie virun e puer Joer zu Angelsbierg an der Gemengescheier e risegt Konschtwierk aus Eechenholz mat enger Héicht vu 6m zesummegebaut huet, wat haut zu Déifferdeng steet. De Modell vun der, "Résilience" kënn der an eisem Gemengesall gesinn.

De **Manolis Manarakis** gouf a Griicheland gebuer a lieft säit 2018 mat senger Famill zu Angelsbierg.

Säi **Master of Fine Art** huet de Manolis, op der Cambridge School of Art an England gemaach.

Dir kënnt hien, op villen Ausstellungen hei am Land begéinen, an ech mengen **Altesses Royales**, Dir hutt de Manolis op der Expo "De Mains de Maîtres" d'lescht Joer am November kenne geléiert.

De Manolis huet dëst Wierk mat vill Sensibilitéit an Déift geschaf an him den Titel ginn:

**"Le discours du trône"** oder op Lëtzebuergesch **"D'Trounried"** vum 3. Oktober 2025.

Et ass eng kënschtleresch Interpretatioun vun der Trounried, eng Reflexioun iwwer Kontinuitéit, Verantwortung a Zukunft.

Loosst mech Iech alleguerten d'Skulptur kuerz beschreiwen, well si eng grouss Symbolik huet.

Déi ganz Skulptur stellt eng Zäitrees duer vun der Lëtzebuerger Monarchie.

Déi verschidden Elementer – d'Leederen, d'Gravuren an d'Struktur – erzielen d'Geschicht vum Iwwergang: vun enger Generatioun op déi aner.

Speziell **d'Leedere symboliséieren** den Iwwergang vun enger Ära an déi nächst.









Den ënneschten Deel vun all Leeder stellt d'Joer vum Ufank vum Règne vun engem Monarch duer, an den ieweschten Deel d'Enn. Si sinn **net** exakt selwecht a si sinn och net glat. Si "beschreiwen" e Prozess, deen net identesch ass an och net ëmmer einfach war.

Déi iewescht Leeder huet just eng Spross.

Déi éischt dräi Leedere stellen dat duer, wat scho geschitt ass; déi iewescht representéiert den **"Elo"** zum Zäitpunkt vum Trounwiessel am Oktober 2025. Den Trounwiessel wor den éischte Schrëtt, déi éischt Spross, déi aner mussen nach vun Iech Monseigneur geluecht ginn.

Well déi éischt dräi Leederen d'Vergaangenheet duerstellen, ginn et keng Lächer an deene verschiddenen Niveauen. D'Spëtzt vun der Leeder kuckt just aus dem Buedem eraus, mir kënnen d'Vergaangenheet gesinn, a mir kënnen dovunner léieren, mee wat geschitt ass, ass geschitt!

Déi iewescht Leeder steet fir d'Géigewaart an d'Zukunft. Si erënnert eis drun: de Wee geet no vir – Schrëtt fir Schrëtt, Spross fir Spross.

**D'Lëtzebuerger Land ass an dräi Niveauen duergestallt.** Monseigneur, Dir hutt Är Ried virun der Chamber, mat de Wierder vun der Grande-Duchesse Charlotte, wéi si 1919 op den Troun koum, opgemaach an ofgeschloss. Dës Wierder goufen als e Verspriechen beschriwwen, dat si gehalen huet. Dir hutt dat Verspriechen zweemol an Ärer Ried widderholl, an Dir hutt nach eng Kéier an ärem Schlusssatz dorop verwisen:

*"Dat ass fir mech de Sënn vum Eed, deen ech haut virun Iech geleescht hunn."*





14







D'Wierder vun dësem Versprieche sinn op de Säite vun deenen dräi Niveauen gravéiert. Si ëmfaassen eist komplett Land, wann een se als Ganzt betruecht. Dës Wierder fänken um ënneschten Niveau un a ginn no uewen, well d'Grande-Duchesse Charlotte se als éischt ausgeschwat huet. Ech liesen Iech se kuerz fir:

*"Ech wäert d'Liewe vu mengem Vollek liewen, vun deem ech duerch keng Barrière wëll getrennt sinn. Ech wäert seng Freed a säi Leed deelen"*

Fir dëse besonnesche Saz ze gravéieren, huet de Manolis op d'Pyrographie, also Brandmolerei zeréckgegraff, als Referenz op d'historesch Bedeitung vun der Metallurgie zu Lëtzebuerg a besonnesch hei zu Fëschbech.

Um Enn an um Ufank vun all Niveau, also vun all Ära, sinn och d'Datumer an d'Monogrammer vun de jeeweilege Monarche gravéiert.

**D'Figur** um ieweschten Niveau stellt Är Famill duer. Eng Koppel déi fest zesummenhält a steet, gemeinsam mat hire Kanner. Si ënnersträicht besonnesch d'Roll vun der Famill – eng zentral Iddi an Ärer Ried, Monseigneur.

A besonnesch dësen Deel aus Ärer Ried wëll ech ervirhiewen:

*"Meng Fra, d'Grande-Duchesse Stéphanie, steet mer dobäi schonn zanter ville Joren zur Säit. Si wäert mech bei ville vu mengen Engagementer ënnerstëtzen, mee och hir eege Prioritéite setzen"*

An der Figur sinn Är zwee Jongen duergestallt, si huelen sech an den Aarm a weisen, wéi frou déi zwee Bridder matenee sinn. Um Schouss hu si e Petzi, a Form vun engem Wollef.

Dëse Wollef soll Är Roll als Virbild a Chef-Scout symboliséieren, eng Roll déi Iech och ganz vill mat ärem Grousspapp dem Grand-Duc Jean verbënnt a besonnesch, well Dir och allen zwee mam Bronzene Wollef bei de Scouten ausgezeechent goufen. Et soll awer och op d'Virbildfunktioun vun den Eltere vis-à-vis vun hire Kanner hiweisen.

D'Wichtegkeet vun der Famill gëtt an der Trounried dacks ënnerstrach.

Dowéinst huet de Kënschtler eppes geschaf, wat si all zesumme weist, an net nëmmen de Grand-Duc an der Roll vum Staatschef duerchstellt, mee de **Mënsch** – d'Famill an d'Verbonnenheet.







**Altesses Royales,**

Dir gesitt: dëst Monument ass mat vill Häerz entstanen. De Manolis huet vill mat mir iwwer d'Skulptur geschwat a mir waren de Steen, dee Fundament vum Monument duerstellt, zesummen an **d'Iernzer Steekaul**, also ronn 3 Kilometer Loftlinn vun hei selwer eraussichen.

Dëse Steen ënnersträicht nach emol d'Verbonnenheet vun der Groussherzoglecher Famill mam Lëtzebuerger Land a ganz speziell mat eiser Géigend.

Eng weider Bedeitung, déi een net gesäit, huet dëst Monument awer och nach, an déi gëllt Iech, **Madame**.

Dëst Monument aus Bronze ass an enger spezieller Konschtgéiesserei gegoss ginn. Nämlech an der Belsch zu **Oostakker**, bei der Firma De Clereq-Ginsberg. Dës ass nëmme ronn 50 Kilometer vun Ärem Heemechtshaus ewech a soll esou och un **Är Originnen** erënneren.

De Manolis huet als Kënschtler sécherlech nach weider Detailer a Symbolik an dëser Skulptur verstoppt, Dir braucht hien herno just ze froen.

**Altesses Royales,**

D'Monument bleift hei zu Fëschbech. Mee fir datt Dir ëmmer e Stéck dovun –an domadder och e Stéck Fëschbech bei Iech hutt, iwwerreecht Iech de Kënschtler elo stellvertriedend fir all d'Awunnerinnen an d'Awunner, **d'Skulptur vun der Famill** als Cadeau.







# Cortège bei d'Schlass































# Feierlechkeeten um Schlass























































































































































# Cadeau fir d'Prënzen

## EXTRAIT AUS DEM BUERGERMEESCHTER SENGER RIED VUM 21. MEE

Altesses Royales, herno um Schlass huet d'Gemeng awer och nach e klenge Cadeau fir **d'Prënzen**.

Si kréien eng **Fëschber Trommel** vun der "Stone Drum Company".

Dës Snare besteet aus Holz vun enger Bierk, déi virum Schlassportal hei zu Fëschbech stoung a bei engem Stuerm ëmgefall ass. Den Här Pletschet huet zu Schous aus dem Stamm, Brieder geseet. Aus dëse Brieder huet den Här Stein, a sengem Atelier hei zu Fëschbech, en Instrument geschaf.

D'Trommel gouf verschéinert mat engem Liederband, wat vun "Atout Cuir" zu Hierber, hei am Natur- a Geopark Mëllerdall produzéiert gouf.

Eng kleng Plaquette mam Fëschber Wopen op der Trommel, soll d'Prënzen och ëmmer un hir Zäit hei zu Fëschbech erënneren.

Den Här Stein, deen Dir ënner anerem och bei der Expo "De Mains de Maîtres" lescht Joer am November begéint hutt, wäert herno de Cadeau, deen och d'Verbonnenheet zu eiser Gemeng symboliséiert, mat iwwerreechen.


































**Altesses Royales,** am Numm vun all de Leit
aus der Fëschber Gemeng wënschen ech Iech
vun Häerzen alles Guddes fir d'Zukunft.

**Monseigneur,** ech wënschen Iech eng sécher Hand
an eng kloer Siicht beim Féiere vun eiser Natioun.

Äre Wee läit virun Iech – an Är Leeder steet bereet.

Extrait vum Buergermeeschter senger Ried.

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu

Naturpark Mëllerdall Geopark

KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur
50 %